N° 7681
Entrée le 28.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 01.03.2023

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Februar 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister an un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Vu 1955 bis bis 2021 goufen no eiser Schätzung 162 règlements grand-ducaux (RGD'en), also zwee Drëttel vun deenen am ganzen 264 RGD'en, déi Vitesslimitatioune betreffen, net dem Staatsrot virgeluecht mat der Begrënnung, si missten an der "Urgence" geholl ginn. Dëst werft d'Fro op, ob d'Regierung hei déi respektiv legislativ Gesetzer a Prozedure respektéiert.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Wéi justifiéiert d'Regierung, datt vill RGD'en, bei deenen objektiv keng "Urgence" virlouch, awer ënnert där Prozedur geholl goufen? Probéiert d'Regierung, de Staatsrot systematesch ze ëmgoen?
2. Wéi laang plangt d'Regierung déi RGD'en am Viraus, déi si muss am Kader vum Stroosseverkéier huelen? Wann zwee Drëttel vun de Reglementer an deem Domän an der "Urgence" geholl ginn, weist dat eventuell op e Mangel u Koordinatioun oder Previsioun an dem zoustännege Ministère hin?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten